



Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6171 vum 11. Mee 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. An der Äntwert op d'Fro n°4349 huet d'Ministesch erkläert, dass de Rapport zur Evaluatioun vun der Pilotphase vum medezinesche Cannabis soll am Hierscht 2021 ofgeschloss sinn. Ass de Rapport méttlerweil disponibel? Wa jo, ass dësen öffentlich zougänglech?

Jo, de Rapport ass Enn Mee 2022 vun den Expert'en finaliséiert ginn an der Gesondheitsministesch ënnerbreet ginn. Soubal déi interne Concertatioun em den Rapport d'évaluation ofgeschloss ass, wäert den Rapport och um Site vum Gesondheitsministère publizéiert ginn.

2. Wéi eng Quantitéiten u Stock si momentan u blo, giel a rout markéiertem medezinesche Cannabis a Cannabis-Ueleg disponibel?

Den blo, giel a rout markéierten medezineschen Cannabis ass en Faarwcode deen vun der Firma *Canopy Growth* benotzt gouf. Den medezineschen Cannabis den aktuell zu Lëtzebuerg disponibel ass, ass vun der Firma *Tilray*, déi net mam blo, giel a rouden Faarwcode verfiert.

Produkt	Referenz	Stock (op den 30.05.22)
Bléien	Tilray Som. Fl. THC18, 15g sachets (entspricht dem rout markéierten medezineschem Cannabis vun <i>Canopy Growth</i>)	1.523 sachets (= 22,8 kg)
	Tilray Som. Fl. THC9/CBD9, 15g sachets(entspricht dem blo markéierten medezineschem Cannabis vun <i>Canopy Growth</i>)	151 sachets (= 2,3 kg)

Tilray bidd aktuell keen CBD dominanten medezineschen Cannabis un, deen den Equivalent vum giel markéiertem medezineschen Cannabis vun *Canopy Growth* ass.

Produkt	Referenz	Stock (op den 30.05.22)
Ueleg	Tilray Cannabis Extrakt THC10: CBD10, 25ml	98 flacons
	Tilray Cannabis Extrakt THC25, 25ml	98 flacons
	Tilray Cannabis Extrakt THC5/CBD20, 40ml	98 flacons



3. Wéini wäerte weider Quantitéite bestallt ginn?

Déi nächst Liwwerungen un THC18-Bléie sinn fir Juli an August virgesinn.

Déi nächst THC9/CBD9-Bléie wäerten viraussichtlech Mëtt-Juni geliwwert ginn.

4. Koum et an deene leschte 6 Méint nach zu Ruptures de stock?

Säit Dezember 2021 koum et zu kengen weideren Ruptures de Stock méi.

5. Wéi vill Persoune kréie momentan medezinesche Cannabis verschriwwen?

Säit Januar 2022 kruten 587 Patienten medizinesche Cannabis verschriwwen. Dëst entsprécht 1.741 Ordonnancen déi fir medizineschen Cannabis ausgestallt goufen.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert